N°573
Entrée le 03.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°573 vum 4. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

1. **U wéi vill Veräiner ass dëse Subside gaangen a wat waren déi 10 Veräiner, déi dee gréisste Montant kruten?**

2023 gouf de Subside Q+ un 349 Veräiner ausbezuelt. Déi 10 Veräiner déi am Meeschte Subside Q+ kruten, sinn déi Veräiner déi 2023 am meeschte Lizenze vu jonke Sportler*Innen ënner 16 Joer haten.

2. **Wéi vill Kanner waren 2023 vun dësem Subside betraff ?**

2023 ware 35.143 Kanner am Alter vu manner wéi 16 Joer vum Subside Q+ betraff.

3. **Wéi ass de Gesamtmontant vun de Subsiden an deene leschte 6 Joer evoluéiert a wéi vill Veräiner hunn an de Jore vun 2017 bis 2022, opgeschlësselt pro Joer, vum Subside profitéiert?**

D'Evolutioun vum Subside Q+ tëscht 2017 an 2022 war follgend:

| Joer | Subside Q+ (an €) | Unzuel Veräiner |
|---|---|---|
| 2017 | 2.203.475 | 280 |
| 2018 | 2.696.225 | 303 |
| 2019 | 2.857.875 | 318 |
| 2020 | 3.455.900 | 332 |
| 2021 | 3.720.650 | 355 |
| 2022 | 4.060.150 | 348 |

An de 6 Joer vun der Referenzperiod stellt ee fest dat ronn ee Véierel méi Veräiner fir de Subside Q+ eligibel waren. Donieft ass déi finanziell Ënnerstëtzung un d'Veräiner déi hire Sportler*Innen e qualitativen Encadrement bidden ëm bal 85 % an d'Luucht gaangen.

**Lëtzebuerg, den 3. Mee 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo